

## Schaffen a schaffen – dat sinn zwee Puer Schong.

Iergendwéi grotesk, wa Jonker, déi manner laang op der Welt sinn, wéi ech am Land Steiere bezuelt hunn, mir sou Sätz wéi „Dee soll mol schaffe goen!“ noblären. Mä vläicht ass dat just well si vu klengem u gesot kruten, datt Leit, déi op der Strooss sinn, ni eppes anescht gemaach hätte wéi vun deen éierleche Leit ze profitéieren a well si generell näischt hannerfroen a sech keng eege Meenung bilden, dat hiert Liewe laang gleewen. Woubäi d’Fro sech stellt, wat zu Lëtzebuerg 2018, déi wierklech Bedeitung vun deem Wuert „schaffen“ ass. Sou wäit wéi ech dat verstinn, huet et jiddefalls näischt mat deem ze dinn, wat et zu där Zäit war, wéi ech selwer jonk war.

Eng Saach, déi mir opgefall ass, ass datt déi, déi sech dauernd bekloen datt si ze vill Aarbecht hätten, praktesch ëmmer Leit mat Kostüm a Krawatt sinn, oder ëmgedréit gesot, datt Leit, déi all Dag wierklech haart schaffe musse fir an eisem Luxusland iwwert d’Ronnen ze komme, praktesch ni doriwwer schwätzen. Kann et also sinn, datt dat sou genannt „schaffe goen“ an „eppes maachen“ zwee ganz verschidde Puer Schong sinn?

Jalousie, Prejugéen an Haass géigeniwwer dem Clochard mam Laptop, deen ee Lidderhanes wier, deen net schaffe géif a ni geschafft hätt... Dobäi sëtzen ech all Dag 8 – 12 an heiansdo nach méi Stonnen hannert mengem Computer, schreiwen Informatik- an SDF-Artikelen, programméieren all méiglech Applikatiounen an dat alles op enger vu mir selwer erstallter Website. Ech hu mech gefrot, wat si soe géife, wa meng Artikele fir eng Zeitung wieren. Géifen si da soen datt ech schaffen? Oder just da wann ech och dofir bezuelt géif? Oder wier et trotzdeem näischt maache, well ech se a mengem Schlofsak a net an engem Büro oder zumindest an enger richteger Wunneng schreiwen? Ech denken datt meng Programmer net nëmmen eppes Konstruktives a Kreatives duerstellen, mä zum gréissten Deel och wierklech nützlich sinn, an éischer Linn fir Schüler a Studenten, fir hinne beim Léise vun hiren Hausaufgaben oder der Virbereedung op eng Prüfung ze hëllefen, oder fir Physik, Chimie a Biologie Problemer besser ze verstoen. Firwat soen d’Leit trotzdeem datt déi 1000en Zeile Programmcode „dee ganzen Dag näischt maache“ wieren? Ech si bal sécher, datt wann ech eng Pai kréich fir Computer-Applikatiounen ze developpéieren oder déi am Internet verkafe géif, datt ech dann an hiren Ae kee Lidderhanes méi wier, mä ee vun deenen, déi eppes schaffen. Obwuel ech net méi a net manner a just genau dat selwecht géif maache wéi dat, wat ech elo all Dag maachen! Très, très bizarre!

Ech war vun enger Firma gefrot gi fir hir Homepage ze maachen. Wat hätten d’Leit wuel dozou gesot? Well déi Site net fir mech, mä fir een anere gewiescht wier, hätten si wahrscheinlech gesot datt de Clochard schaffe géif. Mä vläicht och just da wann ech dofir bezuelt gi wier. Hätt ech d’Site aus Frëndschaft géigeniwwer deen zwou léiwen Damen, déi do geschafft hu, gemaach, wier aus dem Schaffe wahrscheinlech nees näischt maache ginn. „Schaffe goen = eng Pai kréien, Geld verdéngen, egal ob een eppes dofir mécht oder net“. Dat schéngt Definitioun vun deem Wuert an eisem moderne Lëtzebuerg ze sinn! Ee, wéi mir schéngt, kloert Argument dofir: Wier ech um CIE (wéi dat deemools geheescht huet) bliwwen a kréich ech do all Mount eng 6.000 Euro aus dem Steier-Säckelchen op mäi Kont iwwerweisen, onofhängeg dovun ob ech meng Aarbecht uerdentlech oder à la limite guer net maachen, géif all Mënsch den Hutt viru mir zéien. Dobäi géif ech eigentlech näischt anescht maache wéi dat, wat si mir als SDF, dee kengem ee Sou ewechhëlt, virwerfen, nämlech vun deen éierleche Leit profitéieren!

Et war mir ëmmer e Rätsel, firwat et der Caritas sou wichteg ass, all Drogendealer, deen op Lëtzebuerg kënnt, ze hëllef an an hiren Zentren e neit Doheem ze ginn. Mat där nei gewonnenen Erkenntnis, datt schaffe goe just eng Geldgeschichte ass, gëtt dat op eemol ganz logesch: Cannabis, Heroin a Kokain verkafen ass Geld verdéngen, si sinn also Geschäftsleit an deenen, déi heihi komme fir ze schaffen ze hëllef hiert Liewen hei opzebauen, dat ass dach wuel méi wéi selbstverständlech! Fir datt vill Leit, déi hiert ganz Liewe geschafft hunn, déi dëst Land nom Krich opgebaut an zu engem vun dee räichste Länner op der Welt gemaach hunn, vun 800 Euro Hunger-Rente liewe mussen a fir datt et, wéi et ausgesäit, eiser Regierung pupegal ass, datt de Prozentsaz vun deenen, déi, obwuel se schaffen, all Mount kämpfe mussen fir hire Loyer bezuelt ze kréien, steil an d'Luucht geet, ass dat menger Meenung no keng Erklärung. Mä firwat soll dat ee wierklech intresséieren? Déi Leit hunn hir Steiere jo bezuelt, si hunn dat gemaach, wat vun hinnen erwaart gëtt a well si elo näischt méi maache, gëtt et jo eigentlech och null Grond fir si do ze sinn. Sozialpolitik nennt een dat. Ech menge mech ze erënneren, datt och d'Definitioun vun deem Wuert fréier ganz anescht war. Mä fréier, dat ass laang, laang hier!

Eng Saach jiddefalls ass sécher: Wann et eppes gëtt, wat ech a mengem Liewe bedauern, dann datt ech bal 20 Joer dovun ewechgipucht hu, fir zu Lëtzebuerg schaffen ze goen. Näischt anescht wéi Steieren ze bezuelen, déi zum enge benotzt ginn, fir datt eis Politiker sech mat all méigleche Mega-Projete selwer Denkmaler setzen, zum anere fir se an éischer Linn un déi ze verdeelen, déi näischt anescht maache wéi vun eisem Sozialstaat ze profitéieren. Sou gesinn, muss een net eigentlech deene Jonke Recht ginn, déi ni mat enger éierlecher Aarbecht ufänken a sech d'ganz Liewen hiert Party-Maache vun RMG & Co. finanzéieren loossen?